LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 23 FEV. 2021
Réf. QP-06/21

REÇU
Par Alff Christian , 09:24, 23/02/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°3521 du 27 janvier 2021 des honorables Députées Viviane Reding et Diane Adehm

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice

Sam TANSON

136-000150-20051123-FR

L-2934 Luxembourg

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz,
op d'parlamentaresch Ufro n° 3521 vum 27. Januar 2021
vun den honorabelen Deputéierten Viviane REDING an Diane ADEHM**

Ech wéilt fir d'éischt nach emol ënnersträichen datt et positiv ass, datt den europäesche Parquet, e wichtegt Organ vun der europäescher Unioun, säi Sëtz zu Lëtzebuerg huet. Mir hunn vill Efforte gemaach, fir dass och d'Infrastrukturen zu Lëtzebuerg am Zäitplang konnten zur Verfügung gestallt ginn. Dofir ass et mir och wichteg dass dëst Organ an engem gesonden Ëmfeld, effikass ka schaffen. Fir dass dat de Fall ass, mussen déi 22 Staaten, déi bei dëser Kooperatioun matmaachen, net nëmmen hir aktuell Gesetzgebung dem Reglement vum europäesche Parquet upassen, mee och dem europäesche Parquet, déi néideg personell Opstellung ginn. Nieft dem sougenannten zentralen Niveau, dem Sëtz vum europäesche Parquet um Kierchbierg, wou och déi 22 europäesch Procureuren hir Aarbechtsplaz hunn, gëtt et en dezentralen Niveau an den 22 verschiddene Memberstaaten. Vun do aus, schaffen déi delegéiert europäesch Procureuren. All Land, muss op mannst 2 dëser delegéiert europäesch Procureuren (PED) designéieren. Och wann den Text vum Reglement et géif erlaben dass, déi 2 delegéiert europäesch Procureuren och weider op nationalen Dossiere kënne schaffen, hu mir Decisioun geholl, op Demande vun der Madamm KÖVESI, dass mir hei zu Lëtzebuerg 2 vollzäit delegéiert europäesch Procureure hunn, déi hei zu Lëtzebuerg des Funktioun wärend hirem Mandat vu 5 Joer, dat dono erneierbar ass, ausfëllen. Dëst ënnersträicht a garantéiert déi néideg Onofhängegkeet vun dësen zwee Magistraten, déi am Numm vum europäesche Parquet hei zu Lëtzebuerg schaffen.

D'Reglement gesäit dann och en spezielle Statut fir dës delegéiert Procureure fir. An dësem Zesummenhang ass et wichteg z'ernimmen dass d'Aarbechtsbedingungen (conditions d'emploi) vun dësen delegéierte Procureuren eréischt den 29. September 2020 vum Collège vum europäesche Parquet ugeholl gi sinn. Esou ass dann och kloer virgesinn dass d'Rémunératioun vun den delegéierte Procureure vun dem europäesche Parquet, also dem europäescher Budget, bezuelt gëtt, an de Volet vun der sécurité sociale, Pensiounsrechter oder och d'Krankekeeserechter vun den nationale Staate muss gereegelt ginn.

Et ass intensiv dorops hin déi lescht Méint dru geschafft gi fir de néidege juristesche Kader zu Lëtzebuerg ze schafen, deen engersäits konform ass zum Reglement an déi néideg Onofhängegkeet vun dësem Organ erëmspigelt, an anersäits, den delegéierten europäesche Procureuren och déi néideg juristesch Sécherheet ze gi wat hir Rémunératioun betrëfft. Aus dëse Grënn ass och decidéiert ginn d'Adaptatioun vum Code de procédure pénale an d'Opstelle vun engem Office bestoend aus den 2 delegéierten europäesche Procureuren an engem Sekretariat, an 2 verschidde Gesetzesprojeten ze schreiwen. Designatioun vun den delegéierten europäesche Procureuren ass dann och nëmmen een Element vun engem Ensembel

fir dass den europäesche Parquet seng Aktivitéiten am vollen Empfang ka starten. An deem Zesummenhang huet Lëtzebuerg och der europäescher Kommissioun déi néideg Explikatioune gi fir déi verschidden Etappen z'erklären.

Nom Vote vum Gesetzesprojet an der Chamber betreffend den "office des procureurs européens délégués" wäert d'Prozedur fir d'Ernimme vun den 2 Lëtzebuerger delegéiert Procureuren innerhalb vun de Justizautoritéiten ulafen. Déi designéiert delegéiert europäesch Procureure ginn dono formell vum Collège vum europäesche Parquet fir hiert d'Mandat noméiert.